

Evangelium vum 16. Sonndeg C

Lk 10, 38-42

KONTEXT

De Jesus ass zanter Lk 9, 51 nach ëmmer ënnerwee op Jerusalem zou ; dëse Rappel steet um Ufank vum V. 38 - deen awer am liturgeschen Text vum Evangelium vun dësem Sonndeg ewechgelooss ass. - Wéi de Jesus um Ufank vu sengem Wee op Jerusalem an e samaritescht Duerf eragaangen ass, ass hien do net opgeholl ginn – hei hu mer d'Géigestéck : d'Duerf huet zwar keen Numm, mee hei gëtt hien op sengem Wee opgeholl. – Hie gëtt opgeholl vun zwou Schwëstere, déi mer och aus dem Joh hir kennen, d'Martha an d'Maria (cf. Joh 11, 1ff ; 12, 1ff, wou si och d'selwescht beschriwwen ginn).

D'Erzielung vun dësem Sonndeg fanne mer awer just am Lk ; well dës Gesäschter awer och vun anerwärts bekannt sinn, ass unzweifelhaft, datt de Lk hei eng ganz al Erzielung opgräift (aus sengem 'Sondergut'), an doduerch datt hien senger Lieblingswieder a Sazkonstruktiounen gebraucht, dem Text säi Stempel opgedréckt huet. – Plazeweis sinn sech déi al Manuskripter net ganz eens : d'Ënnerscheeder si wuel net grouss, alt nëmmen ee klengt Wiertchen, déi awer e méi groussen Ënnerschied am Sënn maachen, resp. wou méi Iwwersetzungen méiglech sinn (cf. z. B. Vv. 39.42). - Dat weist, datt d'Leit sech vu jee hier schwéier geden hu mat eisem Text hei.

TEXT

De Jesus ass an en Duerf komm, an eng Fra, déi Martha geheescht huet ... (Vv. 38-39) :

D'Martha ass d'Haaptfigur, well d'Maria gëtt als hir Schwëster als Zweet an am Besuch op si präsentéiert. – A wéi schon am **Kontext** gesot : de Jesus ass ënnerwee op Jerusalem (hei zu Ugangs vum liturgeschen Text ewechgelooss) a gëtt, anescht wéi an deem samariteschen Duerf virdrun, opgeholl. – Am **V. 39** kann een da verschidden iwwersetzen (mat dem 'hä'/déi, oder ouni !, wat bedingt, datt de 'kai' mat 'an', oder awer mat 'awer' oder awer mat 'och' kann iwwersat ginn !), béid Textversiounen sinn an den ale Manuskripter souzesoe gläich gutt attestéiert : (wuertwärtlech) 'An dëser war eng Schwëster, Maria genannt, (déi) an/och/awer bei dem Här senger Féiss souz a säi Wuert gelauschtert huet.' Deemno wéi een den Text also liest (woubäi, nach eng Kéier gesot, déi minimal Ënnerscheeder gläich gutt attestéiert sinn) sëtzt just d'Maria bei dem Här senger Féiss – oder awer déi zwou Schwëstere sëtzen do ! An da kritt d'Erzielung eng aner Nues. – Bei dem Här senger Féiss sëtzen, d.h. beim Lk, d'Haltung vum Jünger, vun der Nofolleg anhuelen (cf. Lk 8, 35 ; Apg 22, 3).

D'Martha awer war ganz mat sëllegen Déngschter ... (V. 40) :

Wuertwärtlech : 'D'Martha awer war mat engem groussen Déngscht beschäftigt'. – Wat fir engem Déngscht ? Vläch d'lesse virbereeden ? Vläch och soss eppes, wat ubruucht war bei Besuch ? Op jiddfer Fall gëtt hiren Déngscht als positiv, als grouss,

als wichtig beschriwwen ('polys'). An dës Beschäftegung brauch Zäit, grad wéi si och laang nolauschtert/resp. nolauschteren (am griichesche steet den Imparfait, d'Verbezäit vun der Dauer). – Wann een sech elo drun erënnert, datt déi Haiser deemools a Palästina (d'Martha an d'Maria schéngen net räich gewierscht ze sinn, cf. och am Joh) just een Zëmmer haten, da brauch d'Martha emol net opzehalen mat nozelauschteren, vläicht brauch si sech net emol vum Här senge Féiss ewechzehiewen. Deemno géif si nolauschteren an sech an engems mat engem groussen Déngscht beschäftegen. - Dës Szeen kéint esou do stoe bleiwen, wann net d'Martha se ënnerbrieche géif. (– 'Si ass dohigetratt' kann och iwwersat gi mat 'si huet gepaust', béid si méiglech an änneren net vill um Sënn, zëmools wou 'dohintrieden' einfach och heesche kann, datt een eneresch en Uleies virbréngt.)

Den Här awer huet hir geäntwert : ... (Vv. 41-42) :

Wahrscheinlech ass 'Martha, Martha' frëndlech-gedëlleg geméngt. – An engems awer kritt si geäntwert, si géif sech vill Suergen/Gedanke maachen an sech vill Méi ginn ('peri polla') – woubäi net ganz kloer ass, ier dës Ausso sech op dem Martha säi 'groussen Déngscht' (V. 40) bezitt, oder méi allgeméng geduecht ass. Kloer ass awer, datt dat, wat si mécht – dee groussen Déngscht, hir vill Suergen, hir vill Méi – net ofgewäert ginn ; de Jesus stellt just fest, datt dat esou ass (soss hätt hie vläicht och schonn éischer eppes zum Martha gesot). - An da kënnt den zweeten Deel vum Jesus senger Äntwert : De V. 42 gétt och ënnerschiddlech erëmginn – 'eng Saach awer ass néideg', 'ma nëmmen eng Saach ass néideg' ; de Schluss 'd'Maria huet dee gudden Deel gewielt' ka wéi d'Erklärung geliese ginn – déi eng Saach, déi néideg ass, ass d'Jünger-Haltung anhuelen an nolauschteren, esou wéi d'Maria et gemeet huet, wéi si dee gudden (net dee besseren !) Deel gewielt huet. An d'Formuléierung am Griichesche léisst drop schléissen, datt d'Conclusioun iwwert d'Maria evident ass, an dëse Choix gétt hir (wéi e Befehl fir d'Zukunft) och vu kengem ewechgeholl! – Hei liichte wahrscheinlech och Probleemer a Streidegkeeten aus dem Lk senge Chrëschtetegemeinschaften duerch ('Sitz im Leben') : muss jiddferee lauschteren (= d'Haltung vum Jünger) an sech mat groussen Déngschter beschäftegen, oder geet nolauschteren duer ? Ass dat eent méi wäert wéi dat anert ? A wie bestëmmt, wie wat mécht oder net ? asw. – Dësen Text iwwert d'Martha an d'Maria huet, och well, oder grad well e schwierig ass, absolut näischt vu senger Aktualitéit verluer.

(Fränz Biver-Pettinger)